1-2018-O-11-5329-01 (n°2913)

# adr:

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Lëtzebuerg, den 27. Mäerz 2019

Dépôt: Fernand Kartheiser

1

PL: 7350

**MOTIOUN**

D'Chamber,

sech bewosst

- der Geféierlechkeet vum Quecksëlwer;
- der Wichtegkeet vum gesondheetleche Schutz am Ëmgang mat dëser Substanz, besonnesch bei klenge Kanner a Fraen an aneren Ëmstänn;

stellt fest, datt

- Quecksëlwer och an de reglementären Energiespuerluuchten enthalen ass;
- datt et keng absolut Sécherheet gëtt an datt besonnesch an zouene Raim esouwuel geféierleche Quecksëlwerdamp a kondenséierte flëssege Quecksëlwer beim Broch vun esou Energiespuerluuchten optrieden;
- datt dës Luuchten och an Zesummenhank mat aner Krankheeten (Haut, Vue, Migrän) genannt ginn;
- datt hir Entsuergung net zu Lescht wéinst dem Quecksëlwer ëmständlech ass an datt hiren eenzege wierkleche Virdeel an engem niddregen Energieverbrauch läit;
- datt och am Gebrauch Energiespuerluuchten Nodeeler hunn, wa si zum Beispill nëmme direkt a fir kuerz Zäit gebraucht ginn (an engem Schaf oder engem Ofstellraum zum Beispill);
- datt och Beliichtungsalternativen wéi zum Beispill LED zwar kee Quecksëlwer, duerfir awer seelen Äerde brauchen;
- datt trotz EU-Direktiv och haut nach „energetesch ineffizient" klassesch Bire mat Liichtdrot am Verkaf sinn;

fuerdert d'Regierung op

- de gesondheetleche Bedenken bei den Energiespuerluuchten, besonnesch duerch de Gebrauch vu Quecksëlwer, ugeet, Rechnung ze droen;
- d'Reglementéierung vun den Energiespuerluuchten zu Lëtzebuerg an an der EU ze iwwerschaffen;
- dem Bierger méi Fräiheet an Eegeverantwortung beim Kaf a beim Asaz vun deene Luuchten ze loossen, déi senge Besoinen am beschten entspriechen;
- de Kaf an den Asaz vun der klassescher Bir nees ouni Restriktiounen ze erlaben.

ADR – Groupe parlementaire 22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745
ADR – Parti politique 20, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg